NATIONAL - AKTIOUN "GIELT BAND"

# 3.000 Uebstbeem waarden drop, fir vun Iech bepléckt ze ginn

Vum Isabelle Henschen | Update: 23.09.2021 18:47




*© Isabelle Henschen / RTL*

**Un der Aktioun géint Liewensmëttelverbëtzung maachen eng sëllege Gemengen am Land mat.**

"Zerwéiert Iech" soen 33 Gemengen hei am Land, déi sech op de gemeinsamen Opruff vum Landwirtschaftsministère an dem Syvicol gemellt hunn, fir un der Aktioun "Gielt Band" deelzehuelen. D'Friichten a Nëss vun de Beem, déi op hire Gemengenterraine stinn a mat engem giele Band gekennzeechent sinn, dierfe vu jidderengem gepléckt ginn. "Hei dierft dir plécken" steet um Kottengsband. Selwer plécken ass deemno ausdrécklech erlaabt, dat allerdéngs just fir de private Gebrauch.

Den Donneschdeg hunn de Landwirtschaftsminister Romain Schneider an de Vizepresident vum Syvicol Guy Wester op Réimech agelueden, fir de Projet virzestellen. Et ass déi éischt Campagne vun dësem Genre hei am Land. An Däitschland hunn an de leschte Jore scho verschidde Gemengen a Bundeslänner esou Aktioune gestart.

D'Objektiv ass et, d'Leit ze motivéieren, sech aktiv géint d'Liewensmëttelverschwendung ze engagéieren. Am éischte Schrëtt sollen dëst Joer elo mol Gemengebeem gekennzeechent ginn. An de nächste Jore géif een d'Bänner dann och u Privatpersoune verdeelen, déi der Noperschaft wëlle weisen, dass een un hire Beem am Virgäertchen oder Bongert dierf d'Friichte plécken.

## Dausende Beem solle gekennzeechent ginn

Eng 3.000 Beem wäerten dëst Joer gekennzeechent sinn, fir dass ënnert anerem d'Äppel, d'Bieren, Mirabellen, Quetschen, Prommen, Quidden, Réngglotte, Drauwen, Nëss a Käschten, déi op de Gemengenterrainen hei am Land ze fanne sinn, net einfach ongenotzt verfaule, mee vu jidderengem kënne gepléckt ginn, fir ze genéissen.

Beim Plécke gëllen awer verschidde Verhalensreegelen. Et ass verbueden, op d'Beem ze klammen oder eng Leeder ze benotzen. Dofir soll ee sech eng aner Pléckhëllef matbréngen. De Bam dierf net beschiedegt, dat heescht keng Äscht ofgebrach ginn. Et soll een nëmmen esou vill Plécken, wéi een och selwer brauch.



En Iwwerbléck zur Aktioun "Gielt Band" an eng Kaart mat de Gemengen, déi dëst Joer schonn dobäi sinn, fënnt een op [www.antigaspi.lu](http://www.antigaspi.lu).


Den nächste Mëttwoch 29. September ass den internationalen Antigaspi-Dag, eng Initiativ vun de Vereenten Natiounen, bei dem d'Sensibilisatioun fir Sujete ronderëm de Liewensmëttelverloscht a -verschwendung am Virdergrond steet.

1/6




© Isabelle Henschen / RTL

*Les photos diffusées sur ce site sont soumises à des droits d'auteurs et ne peuvent être copiées, modifiées, vendues, sans l'autorisation préalable du propriétaire du site en question.*